# Rapport de réunion de la Commission du climat et de l'environnement

Date de la réunion : mercredi, 07 février 2024
Lieu de réunion Centre Prince Henri, Walferdange
Heure de début : 19:00
Heure de fin : 21:00

**Participantë, Memberen vun der Kommissioun :**
1. Romain Breuer, absent (excusé) ersat duerch d'Edmée Schmit-Streff
2. Laurent Hennes
3. Alain Hennes
4. Marie-Anne Leyder, absente (excusée) ersat duerch d'Marianne Eiden
5. Michèle Schmit (Sekretärin)
6. Richard Lütteke (President)
7. Mike Crawford, absent (excusé) ersat duerch de Guy Urbany
8. Astrid Sigl
9. Laurent Schanck
10. Guy Medinger
11. David Michels
12. Ricardo Baptista Barra, absent (excusé) ersat duerch de Yannick Kieffer
13. Ghislain Mbumbet, absent (excusé) net ersat

**Participantë, Memberen vum Groupe de travail (participation citoyenne):**
1. Carl Steves
2. Anne-Marie Theisen
3. Joël Fritz
4. Mireille Weisgerber (excusée)

**Ordre du jour**
1. Introduction des nouveaux membres (participation citoyenne)
2. Présentation du projet du jardin communautaire par Mme Lynn Duchamp
3. Présentation du plan d'action avec notre syndicat de al protection de al nature SICONA pour l'année 2024 par Mme l'échevine de la nature Jessie Thil
4. Mise en place d'un groupe de travail « green events »
5. Divers

## 2. Introduction des nouveaux membres (participation citoyenne)

/

## 2. Présentation du projet du jardin communautaire par Mme Lynn Duchamp

*Am Resumé:*
Et geet ëm de Projet vun de Gemeinschaftsgäert an der Rue de l'Alzette, wou geplangt ass datt alles soll ökologesch ginn, ëmmer am Hibléck datt et gutt ass fir Bestëbser (wéi z.B. duerch oppe Blummen, Sand-Nistméiglechkéiten, Insektenhotel etc). Déi spéider Benotzer vun de Gäert sollen och net op chemeschen Dünger oder Pestiziden zréckgräifen.
Et si geplangt 2 Waasseruschlëss, Photovoltaik um Daach, Méiglechkeete fir Reewaasser ze sammelen a fir d'Netzen ze benotzen, eng Plaz fir Vëloen ze parken, Toiletten, déi zwar fir jidderee benotzbar sinn, mee an éischter Hisiicht fir d'Gaardebenotzer geduecht sinn.
Et soll inklusiv sinn duerch fest a breet Wéer beim Zougang zu de Gäert am Schapp an och den Toiletten. Et ass sech orientéiert ginn un de Gemeinschaftsgäert vu Luerenzweiler fir den oppenen Deel vum Schapp mat Botzplazen vum Geméis, éischt Hëllefskëscht asw.
Den 11/03/2024 ass en Infoowend, wou d'Leit sech och aschreiwe kënnen.

Den CIGL mëscht den Entretien fir alles ronderëm an et solle Workshops vum CELL (z.B. iwwer Kompost produzéieren, Kräiderbeeter ...) ugebuede ginn.

*Froe vun de Kommissiounsmemberen an Äntwerten:*

1. Op et am Héichwaassergebitt läit? > Et läit net am Héichwaassergebitt an et ass och net an de leschte Joren iwwerschwemmt ginn.
2. Wéi sinn déi eenzel Beeter agedeelt? > Oftrennung mat Beemstämm aus dem Bësch
3. Wat ass de Käschtepunkt fir d'Leit > éischt Joer (2024) nach näischt, ab 2025: do ass nach näischt festgeluecht, mee z.B. zu Luerenzweiler froen se 20€ als Basis an dobäi kommen nach ongeféier 20-30€ fir d'Elektresch, d'Waasser ....
4. Sinn d'Kontrakter mat den eenzele Leit op 1 Joer? > Jo, da sollen se duerno am Wanter/November Bescheed gi fir ze renouvelléieren oder net.
5. Ass et nëmme fir Walfer Bierger? Jo, ausser et géifen sech der net genuch mëllen, da géif et och erweidert gi fir Leit déi zu Walfer schaffen oder an de Nopeschgemenge wunnen.
6. Fir de Schoulen eng Parzell unzebidden? > déi meescht Schoule missten hir eege Gäert oder Méiglechkeeten hunn. Et sinn Hochbeeter zu Bäreldeng mee déi ginn net wierklech benotzt. Helsem huet puer Beem mee keng Beeter. Et wier héchstens fir déi zu Walfer interessant, well do ass näischt a si ginn och op Beggen bei de Colabor. Interesséiert Schoule kéinten sech mellen.
7. Gëtt et e Reglement? > E Reglement mat Rechter a Pflichte geet duerch den nächste Gemengerot. Et ass do op Erfarungswäerter vun anere Gemengen, virun allem Luerenzweiler, zréckgegraff ginn.
8. Ginn et Iddien zur Permakultur, den Ubau vun engem Geméisgaart oder verschidde Konzepter/Schoulungen? > Fir d'Parzellen ass jidderee fräi ze wirtschaften, wéi ee wëll (et duerf ee just keng Beem uplanzen). Den CELL wäert Workshops ubidden, mee et ass fräie Choix op ee matmëscht oder net.
9. Wéi wäert d'Promotioun sinn? > am Gemengebuet am Mäerz an dann d'Infoversammlung.
10. Ginn Leit mat Appartementer ouni Gréngfläch virgezunn? > dëst ass net geplangt, mee wann d'Nofro grouss ass, da kéint dëst awer eventuell gemaach ginn.
11. Gaart an Heem? > si krute schonn eng Zell reservéiert.
12. Wéi gesäit d'Virbereedung vum Buedem aus? > D'Gemeng iwwerhëlt dëst. Ofhängeg vun de Resultater vun den Analysen (Buedemprouwen) déi d'Woch virdru gemaach goufen, misst wann néideg de Buedem ofgedroen an nei opgeschott ginn. **Update 16/02:** de Buedem gëtt net nei opgeschott. Duerch de Mulch, deen drop kënnt, an de Buedem mat dem d'Parzelle gefëllt ginn, ass de Gemeinschaftsgaart herno nees um selwechte Niveau wéi d'Terrainen niewendrun.
13. Gëtt Kompost drop gemaach? > et gëtt Buedem dohinner gemaach, an deem direkt ugebaut ka ginn
14. D'Total-Gréisst vum Terrain? > +/- 13 ar. Am direkte Verglach mat Gemeinschaftsgäert an anere Gemengen ass dëst liicht iwwer dem Duerchschnëtt.
15. Wien ass Proprietär vum Terrain? > D'Gemeng
16. Froen zu den Toiletten. > Biologesch Toiletten, änlech wéi beim Rugby

*Iddien a Empfeelunge vun de Kommissiounsmemberen:*

17. 100 m2 gëtt als vill emfonnt mee et misst een hei eventuell de Feedback vun de Leit an der Versammlung den 11/03 ofwaarden.
18. Iddi: fir méi Werbung ze maachen och iwwer Facebook an net nëmmen de Gemengebuet. Dëst wier wichteg fir virun allem deen engleschsprochegen Deel vun der Populatioun och ze erreechen.
19. Allgemeng war een dofir, datt an der Strooss niewendrun keng Autoe méi sollte circuléieren (esou wéi an der Verkéierskommissioun d'Woch virdrun och beschwat gouf).

**3. Présentation du plan d'action avec notre syndicat de la protection de la nature SICONA pour l'année 2024 par Mme l'échevine de la nature Jessie Thill.**

*De Joresprogramm vun der SICONA am Resumé:*

*A. Entretien vun de Biotoper*

- Op der Haedchen : « pâturage itinérant d'une lande à callune » mam Wanderschäffer
- Ecologeschen Heckeschnëtt am Wander 24/25
- Entretien vun existenten Biotoper an der Natura2000 Zone
- Entretien vun Bongerten

*B.* Kreatioun vun neie Biotopen:

- Rölesfeld: do komme Wisenrenaturéierungen an 3 Weieren fir d'Waasser ze bremse wat den Hiwwel erofkënnt. Hei goufen et Froen zum Schnatt an der Gestioun vun de Wisenrenaturéierungen fir datt et net an eng Wildnis ausaart.
- Nei Mesuren an der Renaturéierungsfläsch nieft der Uelzecht. Hei sollen d'Kéi net méi an d'Uelzecht an op de Foussgängerwee kommen (dëse Projet ass onofhängesch vun der Sicona mat der ANF ëmgesat ginn.) Et soll och en zousätzleche Mar vun 4 ares „an der Lëtschwiss" ugeluecht ginn fir nach méi Biodiversitéit dohinner kommen.
- "Weiherfeld" zu Bäreldeng mat engem Mar vun 6 ares fir d'Waasser vum Staarkreen ze bremsen.. Zousätzlech Mesure géint de Staarkreen, déi näicht ma SICONA ze dinn hunn, gi beim Bësch selwer getraff an e Reewasser-Opfangbecken ass geplangt.

C. Spezifesch Protektiounsmesuren fir Aarten an Habitater:

Dann ginn Initiative geholl fir d'Usidele vu Mauersegler, Schmuebelen, Fliedermais an Schleiereilen. Hei wier ee Beispill bei der Walfer Gare mat spezielle Këschte fir d'Schleiereilen. An den Bongerten e Plan d'action fir Weißstirn-Rotschwanz (Rougequeue à front blanc) an Bergfink (moineau friquet).

D. Inventarer, Plans de gestion, Monitoring an Sensibiliséierung vum grand public

En Inventar soll gemaach ginn zu de Feldweeërränner an der flore ségétale a wéi een do fir méi Aarteräichtum ka suergen. D'Aktioun Päiperlek soll et och dëst Joer nees ginn: zu den 100 sollen nach 200 zousätzlech bestallt ginn. Och de Verkéiersinsele soll méi Aartevilfalt a Liewen erabruecht ginn mat Hëllef vu SICONA. Zu de ‚Prairies fleuries', do sollen zwou 2 Gréngflächen zu Bäreldeng vun der klassescher Wuess-Gréngfläch op Blummewisen ëmgestallt ginn.

Fir d'Kanner gëtt de ‚SICONA kids' weider ugebueden. Hei gouf d'Empfeelung gemaach fir méi Reklamm ze maachen an et am Buet ze publizéieren.
Och an de Schoulkantinne gëtt de "Natur genéissen"-Projet, dee säit engem Joer an der Maison Relais ass, weidergefouert. Dësen Projet suergt dofir datt d'Kanner gesond, regional a saisonal iessen. Gläichzäiteg kréien Lëtzebuerger Bauere Betrieber, déi de Label hunn (konventionell an bio), e sécheren Ofsaazmaart.
D'Fro gouf gestallt op de Bauer vu Walfer och géif partizipéieren, mee hie wier net um Projet interesséiert. Dofir kënnt awer vill Interesse vum Bio-Bauerenhaff Clees vu Steesel.

Et ginn och Aktioune fir Erwuessener wéi "*nature for people*". Dëst Joer soll et e Seminär mat Päiperleken ginn.

Iwwersiicht Budget:
406'100€ gëtt an der Gemeng an de Naturschutz investéiert
136'000€ muss d'Gemeng bezuelen, de Rescht bezilt de Staat.

De SICONA iwwerhëllt och den Natur Pakt Beroder. E Pakt ähnlech wéi de Klima Pakt, wou d'Gemengen incitéiert ginn méi fir de Natur- a Biodiversitéitsschutz ze maan. Dëst gëtt ganz vum Staat iwwerholl.

**4. Mise en place d'un groupe de travail « *green events* »**

Problematik vum leschte ‚Green event' an der Helsemer Schoul: Probleemer wéinst der niddreger Temperatur um Chrëschtmaart an der Helsemer Schoul, Telleren waren zevill kal.

Iddi:

1) d'Kommissioun soll d'Formatioun zu *Green Events* (Formatioun vun 2 Stonne vum ORT Mëllerdall a vum Klimabündnis ) testen a Feedback ginn.
2) Inventar maache wat d'Gemeng huet a wat muss ugeschafft ginn (z.B. Spullmaschinn am Centre Prince Henri, well déi nei Spullmaschinn brauch iwwer 12 Minutten, wat net akzeptabel ass bei Eventer.)
3) All de Veräiner soll duerno déi Formatioun zu de *Green Events* ugebuede ginn, wann d'Kommissioun se als nëtzlech empfonnt huet recommandéiert se dat dann dem Schäfferot.

**5. Divers**

Lescht Fro op mir och Storchen-Näschter zu Walfer hunn.
Äntwert: Et ass eent op engem ale Mast, mee et huet nach kee Storch de Wee fonnt.

Nächst Reunioun: Méindes, 29. Abrëll um 19:00 Auer.

Le Président,

Richard Lütteke

La secrétaire,

Michèle Schmit